



En Dënschdeg, de 17. Dezember 2024, war ëm 14:00 Auer eng Gemengerotssitzung. Ab Neijooschdag 2025 huet d'Gemengeverwaltung nei Ëffnungszäiten:

- méindes: 08h30 - 11h30 & 13h30 - 18h30
- dënschdes: 08h30 - 11h30 & 13h30 - 16h30
- mëttwochs: 08h30 - 11h30 & 13h30 - 16h30
- donneschdes: moies op Rendez-vous & 13h30 - 16h30
- freides: 7h00 - 13h00, dono mëttres op Rendez-vous

1. **Décision de classement comme monument national**

De Kulturministère plangt d'Wunnhaus op 2 route de Colmar als nationaalt Denkmal ze schützen. Dës Initiativ gëtt ë.a. follgendermoosse motivéiert:

“Im nördlichen Abschnitt der durch den Verlauf der Attert in zwei ungleich große Hälften geteilten Ortschaft Bissen befindet sich ein spätbarockes, durch Anbauten des 19. und 20. Jahrhunderts erweitertes Wohnhaus. Das Gebäude liegt an der Einmündung der heutigen Rue du Fossé in die heutige Route de Colmar. Zu letztgenannter Straße orientiert sich heute die Hauptfassade des Wohnhauses. Zu Beginn handelte es sich um ein Parallelgehöft mit Innenhof das nach dem Bau der Straße N22 gegen 1872 in einen Streckhof verwandelt wurde. (...)

Die zweigeschossige Hauptfassade des Wohnhauses setzt sich aus einem vierachsigen, auf das späte 18. Jahrhundert zurückgehenden Abschnitt und dem einachsigen Abschnitt des seitlichen Anbaus zusammen. Zum Haupteingang führt eine zweiläufige Treppe mit Zwischenpodest, die nicht oder zumindest nicht vollständig bauzeitlich ist. Die vorzügliche, spätbarocke Steinrahmung der Haustür ist vollständig erhalten. Sie besteht aus seitlich abgefasten Sockeln, auf denen die nach innen großzügig profilierten Türpfosten aufsitzen. Die Profilierung setzt sich aus Fase, Holzkehle und Viertelstab zusammen. Sie wird im Segmentbogentürsturz fortgeführt, dessen trapezförmiger Schlussstein die Jahreszahl “1786” als Inschrift trägt. (...)“

2. **Approbation de plusieurs compromis**

Den Trottoir mat der Parzellennummer 1462/3378 (op der Héicht vun der fréierer Tankstell an der Route de Colmar) geet fir 52,50 Euro un d'Gemeng iwwer.

Dat selwecht geschitt mam Trottoir op der Parzellennummer 1403/3407) an der Rue des Jardins. Hei bezilt d'Gemeng 15 Euro.

3. **Approbation de plusieurs actes notariés**

- a) D'Gemeng keeft eng Parzell (Nummer: 294/5248) mat engem Luuchtepotto an der Bléi fir 550 Euro.

- b) Tëschent der Firma Franck SA an dem Chauffage Bihor gouf am ZAC Klengbuusbiereg e Fousswee realiséiert. Dofir reduzéiert sech d'Fläch, déi d'Constructions métalliques Franck SA, als Droit de superficie bei der Gemeng lount. Dofir muss d'Gemeng ënnert anerem en Deel vun der Indemnité unique un d'Firma zrëckbezuelen (7.845,41 Euro).
- c) Den Droit de superficie op der Parzell 311/4652 vun der ZAC Klengbuusbiereg geet vun der Menuiserie N. Karier et Cie s.ec.s mat engem Ëmwee iwwer d'Gesellschaft woodworks by Inside S.A. op d'Gesellschaft Gibi s.à r.l. iwwer.

4. Approbation de plusieurs devis

- a) Fir 41.000 Euro gëtt verschiddent Material fir de Gemengenatelier kaaft, zum Beispill e "Salzstreuer", e "Grabenbrückenset" oder eng mobil "Signalanlage".
- b) Déi 6 Garagëpaarten am Pompjeesbau gi fir 120.000 Euro ersat, fir datt och an Zukunft assuréiert ass, datt d'Paarte bei all Asaz zouverlässege funktionéieren.
- c) Fir den Aménagement vum Lotissement An der Bléi hu missten 1.250.000 Euro nogestëmmt ginn, dat par rapport zum initialen Devis vu 7.100.000 Euro. Esou ginn ënnert anerem Upassungen um Retentiounsbecken gemaach, nodeems et sech erausgestallt huet, datt et hei am Summer desagreeabel richt. Verschidden Ännerungen um Chemin de Buusbiereg waren am initialen Devis net virgesinn.

5. Résiliation d'un contrat de bail

Mat Effekt um 30. November 2024 gouf de Mietvertrag fir d'Haus 20 rue des Moulins opgehewen. D'Gemeng huet dëst Haus elo an d'Vente ginn.

6. Subsidés à des asbl locales

- a) Vum Kalennerjoer 2025 kréien d'Biisser Rouchifrënn e järeleche Subsid vu 700 Euro.
- b) De Subsid fir de Volley-Ball Club Biissen gëtt d'nächst Joer op 1.600 Euro gehewen.

7. Office social: Budget rectifié 2024 & Budget 2025

Am Joer 2024 huet de Mierscher Office social (deen och fir d'Gemeng Biissen zoustänneg ass) e Gesamtboni vun 20.306,82 Euro gehat. Fir d'Joer 2025 ass e Boni vun 10.000 Euro geschat. Deemno géif sech de Kapitalbestand Enn 2025 op 924.129,11 Euro belafen. De Schäfferot konnt net erklären, wéi den Office social gedenkt, dës Reserve an der Zukunft ze notzen.

8. Budget rectifié 2024 & Budget 2025

De Budget rectifié 2024 schléisst mat dësen Zuelen of:

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	19.191.295,95	10.343.805,82
Total des dépenses	16.420.051,66	16.752.445,25
Boni ou mali 2024	+ 2.772.244,29	- 6.408.639,43
Boni 2023	+ 3.969.717,50	
Boni présumé 2024	+ 332.322,36	

D'CSV-Fraktioun huet drop higewisen, datt et am Joer 2024 vill Départs beim Personal gouf, vrun allem am Service technique. Och huet de Locataire vum CycloCroc gekënnegt.

Am Joer 2024 gouf keen Emprunt gezunn an et gouf och net op d'Reserven zrëckgegraff. Ausgeglaach gouf de Budget duerch Terrainsverkeef, déi ronn 71 Prozent vun de Recettes

extraordinaires ausgemaacht hunn. Ronn 80 Prozent vun de geplangten Ausgabe goufe realiséiert.

De Budget fir d'Joer 2025 gesäit dës Zuele vir:

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	19.971.836,70	18.243.778,00
Total des dépenses	17.739.578,48	20.040.248,42
Boni ou mali 2025	+ 2.232.258,22	- 1.796.470,42
Boni 2024	+ 332.322,36	
Boni présumé 2025	+ 768.110,16	

Grouss geplangten Ausgabe sinn:

- Ëmbau vun der Schoul: 4.500.000 Euro
- Neibau vum Gemengenatelier: 3.500.000 Euro
- Reamenagement Grand-Rue: 1.500.000 Euro
- Bau vum Waasserbaseng: 1.300.000 Euro

Fir d'CSV-Fraktioun ass et positiv, datt geplangt ass, fir de Pacte Vivre Ensemble ze ënnerschreien. Dat selwecht gëllt fir den neien Ulaaf zum Reguléiere vun de Kierfechtskonzessiounen.

Begréisst gouf, datt am Budget Léisungsweeër fir de Parkingsproblem am ZAC Klengbuusbiert a ronderëm d'Sportshal opgewise sinn. Kritiséiert gouf, datt nach keng Léisung fir dës Problem an der Bléi ugeduecht gouf.

Och den neie Budget kënnt ouni Emprunt aus, allerdéngs sinn 80 Prozent vun de Recettes extraordinaires an engem direkte Link zur Realisatioun vum Datacenter. Dorausser kann ee schléissen, datt d'Realisatioun heivunnen ëmmer méi warscheinlech ass, well soss stéing de Budget op extrem wackelege Féiss.

D'Kultur gëtt net vergiess an et gëtt eng Etude virgeholl, wéi een de Wonerbatti an d'Veräinshaus kéint ëmbauen. Eis Fraktioun huet gefrot, datt d'Resultater vun dëser Etude an enger Aarbechtssitzung diskutéiert ginn.

D'Awunner vun der Cité Steekräiz dierft et freeën, datt den Tapis an der Rue J.-P. Ecker erneiert gëtt (80.000 Euro) an datt no de Stroosseluuchte gekuckt gëtt, déi permanent ausfalen (200.000 Euro).

An der Bléi ginn 350.000 Euro an de Weier investéiert, deen sech am Summer zu enger richteger "Kloake" entwéckelt huet.

Nom Camionsakzident an der Mierscherstrooss gouf de Projet vun der Kräizung mat der Rue de Reckange iwwerschaft (350.000 Euro). Hei gouf der Kritik vun der CSV Rechnung gedroen. Et sollen och Foussgängerluuchte bäi den Zebrasträife beim Kierfecht kommen (100.000 Euro). Et ass erfroechlech, datt dës Suggestioun vun der CSV iwwerholl gouf.

De Schäfferot hat versprach, fir am Joer 2024 e Projet fir d'Erneiere vun der Kierchentrap auszeschaffen. Fir d'Realisatioun am Joer 2025 sinn elo 200.000 Euro ageplangt.

D'CSV-Fraktioun huet festgestallt, datt vill vun hiren Iddien an de Budget agefloss sinn, an huet dofir de Gemengebudget matgestëmmt.